KLENGE GUIDE VUN DER [SEXUELLER] GESONDHEET AN DEM WUELBEFANNE VU FRAEN, DÉI FRAE* GÄR HUNN ... MÄ NET NËMMEN!

# LOSCHT & PLAISÉIER

[MÄ NET NËMME], WELL D'GESONDHEET SECH NET JUST OP D'SEXUALITÉIT AN D'INDIVIDUE BESCHRÄNKT, MÄ ENG GEMEINSAM VERANTWORTUNG ASS.

MÄ NET NËMME, WELL **FRAEN*** AN HIERER GANZER VIELFALT (U GESCHLECHTER A QUEERNESS) KOMMEN

...MÄ NET NËMME, WELL DE GUIDE SECH OCH U FLEEGEPERSONAL, PERSOUNEN AUS DEM PSYCHOSOZIALEN AN EDUCATIVE BERÄICH, ASW. RIICHT

Rosa Lëtzebuerg

:cigale
centre d'information gay et lesbien

# Wee sinn mier? Eist Engagement!

Säit 2010 organiséiert Rosa Lëtzebuerg asbl eemol am Mount en Treffen – d'Pink Ladies Uucht –, dat lesbesche, bisexuelle, queere Fraen, Fraen, déi Frae gär hunn a Fraen, déi sech Froen iwwer hier Sexualitéit stellen e gesellesche Kader bitt, fir gemeinsam Aktivitéiten ze gestalten.

Säit 2016 organiséiert de schwul-lesbeschen Informatiounszentrum (CIGALE) regelméisseg Atelier'en zum Thema "Plaisirs et Sexualités", déi op onerwaarte Succès gestouss sinn. D'Partizipantinne hunn e staarken Intérêt manifestéiert an eis bestätegt, wéi wichteg Aktioune sinn, déi sech u Frae riichten, déi enger **sexueller Minoritéit** ueghéieren.

Mir leeë Wäert op eng feministesch a partizipativ Approche. Dat heescht, dass mir déi concernéiert Persounen als Expert*innen ugesinn, wann et ëm hiert eegent Wuelbefanne geet. Mir riichten eis Aktivitéiten no de Bedürfnisser vun der Communautéit a bezéien eis op déi rezenteste Recherchen iwwer sexuell iwwerdrobar Infektiounen (SII) an d'Gesondheet vu lesbesch, schwule, bisexuellen, trans, intergeschlechtlechen a queeren Mënschen (**LGBTIQ**).

Persounen, déi dës Broschür consultéieren, kënne ganz verschidde Selbstdefinitiounen hunn: lesbesch, bisexuell, queer, pansexuell, **butch**, **fem**, homosexuell, asexuell, bicurious, aromantesch, questioning, net-heterosexuell, Fraen, déi Sex mat Fraen (**FSF**) hunn, asw.

Mir riichten eis souwuel u **cis** wéi och un **trans** Fraen. Awer och u Persoune, mat **fléissendem oder net binärem Geschlecht** (gender-fluid, non-binary op englesch), déi sech concernéiert fille, wéinst hierer Anatomie oder well se sech mat Définitiounen oder Représentatioune vum Weiblechen identifizéieren.
Mat döser Broschür wëlle mier interesséiert Persounen informéieren an zum Nodenken ureegen.
Mir wënschen dir vill Spaass beim Liesen...
...mä net nëmmen!

Déi **faarweg Begrëffer** ginn am Glossaire hannen an der Broschür erkläert.

# LESBENGESONDHEET = FRAENGESONDHEET?

Hei geet et net dorëm ze soen, dass Lesben eng Biologie fir sech hunn, mä fir d'Auswierkunge vun de soziale Représentatiounen ze weisen, déi mat **Geschlechterstereotypen** an der dominanter **Cis-Heteronormativitéit** verbonne sinn.
Dës sozial Représentatioun huet en Afloss op d'Siichtbarkeet / d'Net-Siichtbarkeet vu Lesben an op d'Sexualitéit vu Fraen. Wann a Broschüren a Préventiounscampagnen keng Lesben, Bisexueller a Fraen, déi Sex mat Fraen hunn representéiert ginn, gëtt domat en Deel vun der Bevëlkerung ausgeklamert, deen eng duebel Diskriminatioun erfiert: eemol wéinst dem Geschlecht an eemol wéinst der Sexualitéit, wat als Lesbophobie définéiert gëtt. (1)
D'Gesondheet vu Frae gëtt op eng generell Manéier op Basis vun engem Männlechkeetsmodell erfuerscht. Stellt Iech vir, wat dat fir Persoune bedeit, déi aus dem cis-heteronormative Kader vu sexueller Gesondheet erausfalen. (2)
Gesellschaftlech a medizinesch Praktiken hu laang de Risiko vun der Iwwerdroung vu Geschlechtsinfektioune bei Fraen ignoréiert. Bis haut gi sexuell Praktiken tëscht Fraen net als richteg "Sexualakter" ugesinn, well keng (vaginal an heterosexuell) Pénétratioun stattfënnt. Vill Lesben, Bisexueller a Fraen, déi Sex mat Fraen hunn, si selwer däer Meenung. (3)
Dës Onsiichtbarkeet féiert zu Ongläichheeten, wat d'Gesondheet an den Accès zu Mesuren betrëfft. Dat alt erëm, ka sech negativ op d'Wuelbefannen an de Gesondheetszoustand vun de betraffene Persounen auswierken.Fir op eng Reduktioun vun de Risiken hinzeschaffen, misst d'Sexualitéit vu Fraen am allgemengen, mat besonneschem Fokus op Lesben, Bisexueller a Fraen, déi Sex mat Fraen, méi Visibilitéit kréien.

De Rapport vun ILGA INTERNATIONAL "**Lesbian and bisexual women's health: common concerns, local issues**" (2006) weist d'Mängel a Bezug op déi medizinesch Betreiung vu Fraen, déi Sex mat Fraen hunn a Lesben. Am Rapport sin awer och Best-Practice-Besipiller vun diverse lokalen Associatiounen, déi sech u lesbesch Frae riichten. E puer vun de Lücken, déi identifizéiert gi sinn: Gewalt géint Fraen, Zwangsheterosexualitéit, Geschlechtsinfektiounen, HIV, Kriibserkrankungen, den Zougang zu Gesondheetsstrukturen, déi mental Gesondheet, d'Wuelbefannen an de Konsum vu psychoaktive Substanzen.  D'Brochür "Santé des lesbiennes : mythes et réalités" (2011), déi an 9 Sprooche veréffentlecht gouf, huet et sech zum Zil gesat, fir d'sexuell Gesondheet vu Fraen, déi Sex mat Fraen hunn a Lesben ze sensibiliséieren. 2016 huet ILGA EUROPE an Zesummenaarbescht mat EuroHealthNet de Pilotprojet "Health4LGBTI: Reducing Health Inequalities Experienced by LGBTI People" lancéiert, deen eng Analyse vun de Mängel a Best-Practice-Beispiller op europëschem Niveau virgesäit. Déi éischt Resultater goufen am Juni 2017 an engem Rapport veréffentlecht. Souwuel op internationalem wéi och lokalem Niveau gëtt sech also fir dëse Sujet interesséiert.

# Témoignagen déi bänn schwätzen ...

"Ech sinn 30 Joer al, wierken allerdéngs vu mengem Ausgesin hier vill méi jonk. Ah, an ech si lesbesch a liewen an enger monogamer Bezéiung mat enger Fra. Do virdrun hat ech och eng homosexuell Bezéiung, déi vill Joeren ugedauert huet. Ech hat mengem Fraendokter eng Fro gestallt, bei däer et mer wichteg war, mat enger Persoun vum Fach geschwat ze hunn. Bei der Diskussioun, déi doropshin entstanen ass, huet main Dokter et fir néideg empfonnt, dorop hinzeweisen, dass 'homosexuell' Erfahrungen dacks eng Phase sinn an dat net undauere muss. Eventuell géif ech meng Meenung nach änneren. Och iwwert meng momentan Fréndin, déi dat méi weiblecht vun eis zwee ass, hat en seng Meenung: Dacks géif dee méi weiblechen Deel spéiderhin seng Meenung änneren, d'Saach net duerchzéien. Ech hat d'Gefill, als ganz Persoun ugezweifelt an net eeschtgeholl ze ginn. Mäi Liewen, an alles, wat ech sinn, gouf hannerfrot. D'Gefor, dass ee vu sengem Partner verlooss gëtt, besteet nu wierklech an all Zort vu Bezéiung. Ech gouf net eescht geholl, meng Froen trivialiséiert. Amplaz mer ze äntweren, gouf mäi 'Problem' belächelt. Ech sinn 30 Joer al, ech mengen, aus der Phase-Phase sinn ech längst raus. Ausserdem denken ech, ass et net néideg ze erwähnen, dass ech op der Sich no enger aneren Dokter sinn. "

"Am Ufank vu mengem Rendez-vous hunn ech mech gutt gefillt. Si war professionell an héiflech, an huet sachkënneg an onvirageholl par rapport zu lesbescher Sexualitéit/Fruchtbarkeet gewierkt. Mä dunn koum et zur der physescher Examniatioun an si hätt, menger Meenung no, kéinten vill méi fein sinn. Si huet de Spekulum agefouert an ech hu mech direkt verkrampft. Si huet mech gefrot, ob ech jemools Sex mat engem Mann hat. Ech sot, dass ech nach nie Sex mat engem cis Mann hat. Si huet net no aneren Zorte vu Penetratioun gefrot – falls se dat gemaach hätt, hätt ech gesot, dass et eng Zäitchen hier wier. Si sot mer, dass ech mech einfach entspane sollt, mä huet awer net méi lues gemaach oder Zäit domat verbruecht, mech ze berouegen. Ech hu se gefrot, ob ech de Spekulum selwer inséréire kéint a si huet mech (scheinbar iwwerrascht) gelooss, mä se huet nees iwwerholl fir de Spekulum opzemaachen an ech hu mech wéinst der Péng verkrampft. Si war ongedëlleg an huet genervt gewierkt. Si sot mer, dass ech se näischt géif gesi loossen an dass ech mech entspane misst. Si schéngt geduecht ze hunn, dass ech e Fäertaarsch oder express verkrampft wier.
D'Examinatioun huet VILL wéigedoen an ech hat de Rescht vum Dag Péng. Beim Bezuelen hun ech hier gesot, datt ech nach wéi hun. Si sot: 'Et deet mer leed, mä wanns de e Bébé wells, wäers de mat däer selwechter Saach beim Befruchtungsprozess eenz gi mussen.' Ech hu rosen d'Praxis verlooss."

# AN DÉI PROFESSIONELL AUS DEM GESONDHEETSSECTEUR?

Lesben, Bisexueller a Fraen, déi mat Frae Sex hunn gi manner dacks bei e Gynécologue oder eng Gynécologin wéi heterosexuell Fraen. (4) Engersäits, well se sech manner concernéiert fille, well se manner op Verhütungsmëttelen zeréckgräifen an ee méi spéiden Accès zu Schwangerschaft hunn; anerersäits well et gynécologesche Cabinet'en un Informatiounen iwwert d'sexuell a geschlechtlech Vielfalt mangelt, oder d'Cabinet'en et zumindest net direkt kommunizéieren.

D'Visite bei Gynécolog*inne kënne sech als onangenehm erausstelle wann... (5)

- d'Sexualitéit an d'Froen, déi gestallt ginn, op Verhütung a Schwangerschaft reduzéiert ginn.

- dat medizinescht Personal d'Aart a Weis, wéi eent déi eege Sexualitéit ausliewt, kommentéiert a se z.B. als ze "extravagant" bezeechent.

- d'Ukënnegung vun der Homosexualitéit belächelt gëtt.

- d'Ennersichung ouni Rücksiicht op d'Wuelbefanne vun der Patientin gemaach gëtt. Z.b. andeems e Spekulum benotzt gëtt, deen net u Fraen, adaptéiert ass, déi keng vaginal Pénétratioun praktizéieren.

- d'Patientin sech net traut, déi eegen Homosexualitéit präiszeginn aus Angscht viru Sigmatisatioun.

- déi gynécologesch Cabinet'en a Gesondheetszentren keng spezifesch Mesuren huele, fir trans Persounen. Z.b. Dépliant'en iwwer Schwangerschaftsofbroch oder Menstruatioun, déi sech nëmmen u cis Fraen adresséieren - dobäi kënnen och verschidden trans Männer concernéiert sinn.

# AN DÉI PROFESSIONELL AUS DEM GESONDHEETSSECTEUR?

- d'Sexualerzéiung sech op eng verallgemengernd Vue op LGBT+ Aspekter beschränkt, ouni déi spezifesch Schwiergekeeten a Betruecht ze zéien, mat deene Lesben, Bisexueller, queer Fraen, trans an intergeschlechtlech Persounen konfrontéiert sinn.

- medizinesch a psycho-sozial Formatiounen LGBTIQ-Aspekter ausschléissen.

Et existéieren Dokteren an Dokteschen, déi fir de Sujet sensibiliséiert sinn an déi d'Patientin, ouni Virurteeler guidéieren, hier Selbstbestëmmung respektéieren an hier Handlungsmuecht, hierer eegener Gesondheet geméiss ze handelen. De CIGALE kann der hëllefen, **LGBTIQ-frëndlecht medizinescht Personal** ze fannen.

A Frankreich gëtt et verschidden Initiativen:
www.gynandco.wordpress.com
*www.asso.medecinegayfriendly.fr*
*www.viensvoirledocteur.com*

All Persoun huet d'Recht drop, ouni Stigmatisatioun kënnen iwwert de Gesondheetssystem informéiert ze ginn, fir de beschte Choix fir sech kënne ze treffen. Zu Lëtzebuerg gëllt d'Gesetz "Loi du 24 juillet 2014 relative aux droits et obligations du patient". Doniewt gëtt et säit Januar 2015 e Gesetz iwwert d'Gläichstellung am Bestiednis an d'Adoptioun fir "gläichgeschlechtlech Koppelen". Fir Froe, bei deenen et ëm d'Diskriminatioun geet, muss een d'"Loi du 28 novembre 2006 sur l'Egalité de Traitement" erunzéien.
**www.cet.lu**
*www.sante.public.lu*

Um internationale Niveau huet d'Weltgesondheetsorganisatioun (WHO) de 17. Mee 1990 d'Homosexualitéit vun der Lëscht vun de mentale Krankheete erofgeholl. Bis haut ass d'Trans*identitéit nach ëmmer an der Classificatioun vun der WHO virzefannen. Fir 2018 sinn allerdéngs Ännerunge virgesinn. Wat d'sexuell Gesondheet betrëfft, gëtt d'WHO déi folgend Définitioun:
"Sexuelle Gesundheit ist ein Zustand des körperlichen, emotionalen, mentalen und sozialen Wohlbefindens in Bezug auf die Sexualität [...]. Sexuelle Gesundheit setzt eine positive und respektvolle Haltung zu Sexualität und sexuellen Beziehungen voraus sowie die Möglichkeit, angenehme und sichere sexuelle Erfahrungen zu machen, und zwar frei von Zwang, Diskriminierung und Gewalt. Sexuelle Gesundheit lässt sich nur erlangen und erhalten, wenn die sexuellen Rechte aller Menschen geachtet, geschützt und erfüllt werden."

D'Sexualitéit stellt en heterogene Beräich duer. (6) Wann Individuen hier Sexualitéit op eng autonom Aart a Weis géréiren, ass den Accès zu Soin'en an d'Reduktioun vu sexuelle Risiken eng gedeelt Responsabilitéit mat ëffentlechen Intitutiounen.Fir eng global Vue op d'lesbesch Sexualitéit a d'Gesondheet vun de Fraen ze hunn, däerf net vergiess gin, déi divers sozial Situatiounen ze considéréieren - d'Gehalt, d'Immigratiounn, eng Behënnerung, oder den Alter - déi eis Identitéit gestalten an zu Diskriminatioun an engem ongläichen Accès zu Soin'e bäidroe kënnen.

**HOLAAfrica!**, as eng Associatioun vu queeren afrikaneschen Fraen, déi Sensibiliséirungsaarbescht par rapport zu Sexualitéit mécht a sech un afrikanesch Frae riicht. Si huet déi flott Informatiounsbroschür "Guide sur le Plaisir et la Prévention Sexuelle pour les femmes Africaines" publizéiert, mam Fokus op Sex tëscht Fraen. *www.holaafrica.org*

# SECH LESBESCH SOEN, SÄI COMMING-OUT MAACHEN

D'Aart a Weis fir sech selwer ze définéieren ka je no Kontext, Interaktioun, perséinlecher Situatioun a Comfort-Zone vum Individuum variéieren.

Verschidde Fraen stellen hier lesbesch, bisexuell oder queer Identitéit no vir. An enger Gesellschaft, an däer Fraen, déi zu enger sexueller Minoritéit gehéieren, dacks iwwersi ginn, kann et Halt an Unerkennung gi, sech mat engem Grupp z'identifizéieren, sech austauschen a gemeinsam Erfahrungen deelen ze kënnen. Verschiddener vun hinnen hunn e laange Wee am Prozess vun der Selbstbehaaptung hannert sech: de Coming-out, a sech als lesbesch, bisexuell oder queer ze bezeechnen, ass intégrale Bestanddeel vun hierer sozialer an/oder politescher Identitéit. (7)
De Coming-out ass net obligatoresch an all Persoun décidéiert, ob se ee maache wëll a bei wiem.

De **CIGALE** stellt Materialien zur Verfügung a bitt Consulatiounen iwwert de Coming-out un.
www.cigale.lu

Verschiddener wëlle sech kengem Label zouuerdnen, bei anere bestëmmt de Kontext an d'Gefill vun der Sécherheet, ob se hier Identitéit enthülle wëllen oder net. Da ginn et nach däer, déi sech net mat enger Kategorie identifizéire wëllen, mä éischter opgrond vun hiere sexuelle Praktiken oder hierer sexueller/affektiver Unzéiung.

D'sexuell Orientéirung ass keng rigide Identitéit, mä éischter fléissend. Sexuell, romantesch an affektiv Praktiken a Preferenzen kënne sech dat ganzt Liewe laang änneren an all Persoun ka verschidden Episoden duerchliewen, déi net verhënneren, dass déi eegen Aart a Weis, fir seng Sexualitéit ze liewen, unerkannt a respektéiert gëtt. Schlussendlech ass et egal wéi ee sech définéiert. Dat Wichtegst ass, dass ee sech wuelfillt.

# Lesbesch Einsamkeet...

Säi Coming-out eréischt spéit ze maache, kann dozou féieren, dass ee sech alleng an isoléiert fillt, virun allem bei Fraen, déi laang an enger heterosexueller Bezéiung waren mat oder ouni Kanner.

Dacks verléiere si hiert sozialt Netzwierk, firwat et wichteg ass, mat Fraen ze sozialiséieren, déi Ähnleches erliewt hunn. Dës Réseau'e bidden e Raum, fir sech auszedrécken an Ennerstëtzung ze fannen. Op Froe gëtt hei mat Wohlwollen, Respekt an ouni Uerteel réagéiert.

**D'Pink Ladies Uucht** bitt d'Méiglechkeet, mat Frae vun all Alter a mat ënnerschiddleche Coming-out-Geschichten a Kontakt ze trieden. All Mount ass eng Fräiwëlleg vu Rosa Lëtzebuerg um Rendez-vous, fir dech ze empfänken. Lo ass et just nach un dir, laanscht ze kommen!
*www.gay.lu*




# Wéieng éischte Kéier?

Wat heescht "déi éischte Kéier"? Wéini ass et souwäit? Eng Persoun, déi während hierer Pubertéit kee Sex huet oder kee Vierwëtz weist, hier Sexualitéit mat anere Persounen ze erfuerschen (wuel verstane mat enger Persoun vum "anere Geschlecht"), gëtt als "net normal" ugesinn. Et gi Leit, déi eréischt spéit sexuell aktiv ginn, anere scho méi fréi. Bei verschiddene war dat sexuellt Interesse an der Pubertéit villäicht heterosexuell, nodeems se awer méi spéit (mat 25, 38, 43, 56, 63 Joer) e Coming-out gemaach hunn, entdecken se hier Sexualitéit an hiere Kierper op eng komplett nei Aart a Weis.

Dësen Drock geet am Erwuessenenalter weider a ka sech negativ op d'Wuelbefanne vu verschiddene Persounen auswierken. Och wa lesbesch, bisexuell a queer Fraen (deelweis) der "Zwangsheterosexualitéit" (8) entkommen, kënnen och si dem Drock ausgesat sinn, ze flirten, en "erfëllt" Sexualliewen ze hunn oder e*eng Partner*in ze fannen.

# Asexualitéit & Aromantik

Asexualitéit bedeit d'Ofwiesenheet vu sexueller Attraktioun anere géigeniwwer, onofhängeg vun hierem Geschlecht.
Aromantik bedeit d'Ofwiesenheet vu romantesche Gefiller anere géigeniwwer, onofhängeg vun hierem Geschlecht.
Verschidde Persounen si souwuel asexuell wéi aromantesch.

Eng asexuell Persoun ka sech als lesbesch, homoromantesch, biromantesch, panromantesch, queer, hetero oder näischt dovun définéieren. Och eng aromantesch Persoun ka sech als lesbesch, bisexuell, pansexuell, queer, hetero oder näischt dovun définéieren.

Asexualitéit an Aromantik ginn nëmme seelen thematiséiert, wann et em sexuell Gesondheet geet. Dobäi geet et bei sexueller Gesondheet och ëm d'Wuelbefannen, d'Gefiller an d'Fortpflanzung. Ausserdeem kann eng asexuell Persoun och an enger Bezéiung sinn an, aus wéienge Grënn och ëmmer, sexuell Relatiounen hunn.
D'Asexualitéit ass weder eng Pathologie, nach d'Konsequenz vun engem Trauma. Genau wéi een net lesbesch "gëtt" no engem sexuellen Iwwergrëff, sou "gëtt" een och net asexuell, well een onbefriddegende Sex hat!



Op dësem Site kanns du méi iwwer de **Spektrum vun der Asexualitéit** gewuer ginn: *https://asexyletzebuerg.wordpress.com*

# Eis Kierperen si vielfälteg...

Et gëtt genausou vill verschidde Kierpere wéi et Mënschen op der Welt gëtt. D'Gesiichts-, Kierper-, a Kappbehoerung sinn en Deel dovun. Verschidde Fraen hunn e puer Hoer, verschiddener guer keng, anerer e Schnurres (jo, jo, och cis Fraen), an nach anerer e Baart. Dat hänkt net noutgedronge mat enger hormoneller Feelfunktioun zesummen (a firwat wier dat eng Feelfunktioun?!). Et gëtt kee representative Prototyp vun "DER Fra". Genau wéi och d'Faarw vun den Hoer oder d'Textur vun der Haut, änneren sech och d'Behoerung an de Kierper am Laf vum Liewen.

An der feministescher Bibliothéik vum **CID Fraen an Gender** sinn divers Bicher iwwer Kierperen, Geschlechter an Normen ze fannen.

*http://cid-fg.lu*

# ...Eist Begehren och...

Eis Gefiller a Bedürfnisser kënne vu Partner*in zu Partner*in variéieren, je no eisen Erfahrungen. Et gi keng virgeschriwwe Reegelen, wat een a wéiengem Moment empfanne soll. Eis Gefiller a Bedürfnisser kënne sech och während dem Sex veränneren a "Stop" ze soen zu Praktiken oder Situatiounen, déi eis net geheier sinn, ass absolut legitim.

Eng positiv Astellung par Rapport zu Sex ze hunn, bedeit net, musse mat jidderengem ze schlofen oder zu all Moment Loscht ze hunn! Eng positiv Astellung bedeit, dass ee seng perséinlech Limite kennt, déi vu senge Sexualpartner*inne respektéiert, an doriwwer kommunizéiert gëtt, wat engem gefällt, wéieng Fantasien een huet, mä och, wat engem Angscht mécht, ouni mussen ze fäerten, ënner Drock gesat oder jugéiert ze ginn.

## ...WÉI OCH EISEN LIEWENSSTIL

Wat wëlle Lesben? Dat hänkt vun all Persoun an hieren Erfahrungen of. Et ginn der déi, genau wéi verschidden hetero Fraen, eng Famill grënne wëllen: alleng, an enger Koppel oder an anere Konstellatiounen. Anerer wëlle Single bleiwen an/oder geleeëntlech Forme vu Sexualitéit mat engem*r oder méi Partner*inne liewe, mat oder ouni emotionaler Bindung. Déi eenzeg Konstant an deem Ganzen: de Respekt an d'Zoustëmmung vun alle Partner*innen!

## GEWALT A MËSSBRAUCH TËSCHT FRAEN

Trauregerweis bestinn och tëscht Fraen, déi Sex mat Fraen hunn, Lesben a Bisexueller Muechtverhältnisser, déi zu Gewalt an der Bezéiung féiere kënnen. Dës Gewaltformen hu Spezifitéiten, déi mat der cis-heteronormativer Gesellschaft zesummenhänken: Undroung vun engem forcéierten Outing duerch de*d'Partner*in, Gewalt géint bisexuell Fraen, déi ënner Drock gesat gi, "sech ze entscheeden", Demütegung vum*vun der trans Partner*in. Dës Gewaltformen ënnerleien ähnlecheche Mechanisme wéi deenen, déi an heterosexuelle Bezéiungen erliewt ginn.

Wanns du mengs, Gewaltaffer vun dengem*r Partner*in ze sinn, fënns de Hëllef bei **Femmes en Détresse**.
*https://fed.lu*

# KËNNEN FSF SEXUELL IWWERDROBAR INFEKTIOUNEN KREIEN?

Fraen, déi net exklusiv heterosexuell sinn, hunn e méi héije Risiko, eng sexuell iwwerdrobar Infektioun ze kréien. Eng am Joer 2008 a Frankräich duerchgefouert Etude huet gewisen, dass 12% vun de Fraen, déi homosexuell Praktiken haten, innerhalb vun de fënnef Joer virun der Etude eng sexuell iwwerdrobar Infektioun kruten. Bei de Fraen, déi ausschliesslech heterosexuell Rapport'en haten, waren et nëmmen 3%. (9)

Et gëllt ze erwähnen, dass e staarke Informatiounsmangel existéiert par rapport zu (sexueller) Gesondheet vu Fraen, déi Sex hu mat Fraen. D'Fuerschungsresultater variéieren je no befrote Persounen a Méthodologien.

2015 gouf an Däitschland d'Etude "**queergesund - Gesundheitsförderung für lesbische, bisexuelle und queere Frauen***" duerchgefouert (d'Resultater gi momentan ausgewäert).

A Frankräich goufen e puer Etude publizéiert, vun deene "**Sexualités et relations affectives des femmes qui ont des rapports sexuels avec d'autres femmes**" vum Coraline Delebarre déi rezentsten ass.

# Wéieng Praktiken gëtt et tëscht Fraen? Wat sinn d'Risiken?

Sexualpraktiken tëscht Frae si ganz divers an hänke vun de Bedürfnisser an Dynamiken tëscht de jeweilege Persounen of. Ëmmer dann, wa Kierperen a Kontakt mateneen trieden an et zu engem kierperleche Flëssegkeetsaustausch kënnt duerch Reiwung mat den Hänn, de Fangeren, dem Mond oder Objet'en, kann et zur Iwwerdroung vun enger Infektioun kommen.

Dëse Risiko ass méi oder manner héich je no Infektioun a Sexualpraktik. Verschidden Infektioune kënne sech duerch en einfache Kontakt vu Schläimheit iwwerdroen (de mënschleche Papillomavirus, den Herpesvirus) oder duerch d'Blutt (Hépatite C). Doduerch kann den Undeel u vaginale Bakterien, Hépatite C an Herpes bei Fraen, déi Sex mat Fraen hunn, méi héich sinn, wéi bei heterosexuelle Fraen. En Ustiechungsrisiko mat HIV ass minimal, mä net inexistent, firwat et wichteg ass, während der Regel opzepassen. (4)

D'Praktike vu Cunnilingus, oral-analem Sex, **Fisting** oder Sexmaterial (Sextoys, **Strap-on**) net ze wäschen, bréngen en Ustiechungsrisiko mat sech.

Dobäi kënnt, dass verschidde Fraen, déi Sex mat Fraen hunn, de cis-hétéronormative Kader verloossen: se hunn am Laf vun hierem Liewen méi Sexualpartner*innen, praktizéieren **Polyamorie** an/oder hu méi wéi een*eng Partner*in zugläich, se ginn éischter sexuell aktiv an/oder erfuerschen e méi grousse Répertoire u Sexualpraktiken (Gruppesex, **BDSM**).

# Sech Schützen

Dat bekannst Verhütungsmëttel ass de Kondom, deen dacks mat heterosexuelle Praktike a Verbindung gesat gëtt. Dobäi ginn et vielfälteg Protectioune fir Fraen, déi Sex mat Fraen hunn, Bisexueller a Lesben. Verschiddener kënne souguer selwer hiergestallt ginn.

- **Digue dentaire**: d'Dingue Dentaire (och nach: Oralschutz- oder Leckduch) gëtt benotzt, fir sech viru sexuell iwwerdrobare Krankheeten ze schütze, wann e Kontakt tëscht Mond a Vulva, Vagina oder dem Anus ass, souwéi och bei der Schéierstellung (Vulva widder Vulva). De CIGALE verdeelt gratis Leckdicher!

- **De männlechen oder externe Kondom**: Verhënnert d'Iwwerdroung vu Bakterien, Champignon'en a Parasiten während sexuelle Rapport'en. Fir all Iwwergang "anal-vaginal-Mond", onohängeg vun der Reihefolleg, gëtt ugeroden de Kondom ze wiesselen. Kondomer gëtt et a verschiddenen Déckten, d'"x-tra"'en ginn haaptsächlech beim Analsex oder vu Sexworkeren verwend. Klassesch Kondomer sinn éischter u vaginal Pénétratioun adaptéiert.
Kondomer kënnen och benotzt gi, fir Leckdicher hierzestellen!

- **De weiblechen oder interne Kondom/Femidom**: Duerch dës Alternativ kann évitéiert ginn, dass de Kondom gewiesselt gi muss, wann de*d'Partner*in oder Partner*innen dee selwechte Sextoy verwend(e) wéi ee selwer.

- **Händchen aus Latex, Vinyl, pudderfräiem Gummi**: Gi beim vaginalem an/oder analem Fisting benotzt, fir bei Mikro-Fissuren ze vermeiden, dass Bakterien iwwerdroe ginn. Fir déi, déi Händchen net gär hunn, ginn et och Fanger-Protectiounen.

- **Gleitmëttel**: Gel op Waasser- oder Silikonbasis, dee Penetratiounen erliichtert an hëlleft vaginal oder anal Verletzungen ze vermeiden. Et siew drop higewisen, dass fetteg Gel'en wéi Vasiline inkompatibel si mat Latex.

Verschidde Persoune verhüte systematesch mat all Sexualpartner*in, anerer je no Situatioun a Sexualpraktik. Nach anerer entscheede sech, keng ze benotzen. D'Grënn dofir kënne variéieren: net wëllen d'Stëmmung ze ruinéieren oder verklem-

mt ze wierken; sech net ze trauen, de*d'Partner*in drop unzeschwätzen; Onwëssen doriwwer, wéi se benotzt ginn; mangelnd Selbstbewosstsin; sech ze schummen; dass engem d'Protectiounen ze deier sinn asw. Onofhängeg vum Grond sollten eis Partner*innen an d'Décisioun mat abezu ginn. Ëmmerhin ass et wichteg, op sech selwer an déi aner opzepassen.

Fir méi **Informatiounen iwwer sexuell iwwerdrobar Infektiounen** an d'Manéier wéi se iwwerdroe ginn, kanns du verschidde spezialisiéiert Site konsultéieren, déi um Enn vun dëser Broschür opgelëscht sinn.
Den Inhalt vun dëser Broschür ersetzt et net, eng medizinesch oder Vorsorgestruktur opzesichen. D'Sexualitéit variéiert vu Persoun zu Persoun a gewëss Parametere kënnen d'Kréien an d'Entwéckele vu verschiddene sexuell iwwerdrobare Infektiounen begënschtegen oder och net. Dat wichtegst ass, seng Sexualpraktiken an domat verbonne Risiken ze reflektéieren. Och den eegene Kierper ze kennen, Verännerunge vu Kierperflëssegkeeten an der **Menstruatioun (Endometriose)** sowéi ongewinnte Péng ze erkennen, kënnen dobäi hëllefen, sexuell iwwerdrobar Infektiounen ze détectéieren.
Verschidde sexuell iwwerdrobar Infektiounen sinn asymptomatesch: se kënne bei enger Persoun onentdeckt bleiwen a bei enger anerer Symptomer ausléisen.

Zu Lëtzebuerg fënns de méi Informatiounen an nëtzlech Siten ënner:
*www.safersex.lu*

Den **DIMPS (Dispositif d'Intervention Mobile pour la Promotion de la Santé)** bitt gratis an anonym HIV-, Hepatite C- a Syphilis-Schnelltester un. Et kann een en all Donneschden tëscht 12h30 a 14h30 ouni Rendez-vous am CIGALE opsichen. Méindes a mëttwochs tëscht 17h an 19h empfänkt den DIMPS dech an der **HIVberodung Croix-Rouge** (94 bvd Général Patton, L-2316 Luxembourg). Fir méi Horaire vun der mobiler Camionette vum DIMPS consultéier:
*www.dimps.lu*

# A WAT ASS MAT TRANS & GENDERFLUIDEN PERSOUNEN?

Dës Broschür riicht sech u Fraen, déi Sex mat Fraen hunn. Dovu si verschiddener cis, anerer trans. Vu dass Kierpere ganz ënnerschiddlech sinn, ass et wichteg iwwer déi Verhütung nozedenken, déi am Beschten dozou geegent ass, sexuell iwwerdrobar Infektiounen an ongewollt Schwangerschaften ze verhënneren. Ausserdeem kann eng Fra, déi Sex mat Fraen huet och mat cis oder trans Männer schlofen. De Méiglechkeete si keng Grenze gesat! (10)

Fir verschidde Kierperdeeler (Genitalien, Bréscht, Uewerkierper) ze bezeechnen, ass et wichteg, e Vocabulaire ze benotzen, dee respektvoll ass géigeniwwer der jeweileger Persoun. Sou kann den Dialogue an d’Vertrauen tëscht Fleegepersonal a Patient*innen gefërdert ginn.

D’Associatioun **Genres Pluriels**, mat Sëtz zu Bréissel, huet de “Guide de Santé Sexuelle pour personnes trans* et leurs amant.e.s” publizéiert.
*www.genrespluriels.be*

D’Associatioun **Espace Santé Trans (EST)** zu Paräis bitt gynécologesch Consultatiounen un a stellt Informatiounen iwwer (sexuell) Gesondheet an trans Persounen zur Verfügung.
*www.espacesantetrans.fr*

# Gewollt Schwangerschaften

Wann een iwwer Sexualitéit schwätzt, kënnt een net dolaanscht iwwer Schwangerschaften ze schwätzen, egal ob gewollt oder net. Fir Fraekoppelen ass et méiglech, op PMA (procréation médicalement assistée) zeréckzegräifen. Am Moment gëtt et nach kee legale Kader, mä d'Regierung schafft un engem Gesetzesprojet iwwer d'Ofstamung. D'Gesetz, esou wéi et am Moment existéiert, gesäit keng automatesch Unerkennung vum sougenannten "net-biologeschen" Elterendeel vir. Dat bedeit, dass deen Elterendeel, deen net säi genetescht Material zu der Conceptioun vum Kand bäigedroen huet, iwwert eng Adoptionsprozedur fuere muss.

Du wëlls Démarchen huelen oder hues einfach nach méi Froen iwwer d'Prozeduren? Da wend dech un de **Laboratoire National de Procréation Médicalement Assistée**.
*www.maternite.chl.lu*

# Ongewollt Schwangerschaften

Opgrond vun de verschiddene Kierperen a sexuelle Relatiounen, ass de Risiko/d'Chance grouss, op eng "natierlech" Aart a Weis schwanger ze ginn, och fir lesbesch, bisexuell an queer Fraen (wéi och fir verschidden trans Männer!) All Persoun muss fir sech selwer entscheeden, ob se wëll eng Schwangerschaft fortsetzen. Zu Lëtzebuerg ass de Schwangerschaftsofbroch duerch d'Gesetz vum 17. Dezember 2017 gereegelt.

Zu Lëtzebuerg si **Schwangerschaftsofbréch**:
- dépénaliséiert
- zu 100% vun der Gesondheetskees iwwerholl
- zougänglech fir all schwanger Persoun, onofhängeg vun hierem Openthaltsstatut an/oder hierer Nationalitéit

Fir méi iwwer Schwangerschaftsofbréch gewuer ze ginn, wend dech un de **Planning Familial** zu Lëtzebuerg. De Planning bitt doriwwer eraus gynécologesch a psycho-sozial Consultatioune fir all Persoun, déi Froen huet iwwer Schwangerschaft a Verhütungsmëttelen.
*www.planningfamilial.lu*

# FIR MÉI WAIT ZE GOEN

Hei hu mer iech eng kleng Iwwersiicht vun Initiativen zesummegestallt, déi de Fokus op d'Autonomie an d'Selbstbestëmmung par rapport zum Kierper an der Sexualitéit leeën.

***www.flash-info-fouffes.fr***
Humorvoll gestalteten, ausféierlechen a feministesche Sensibiliséierungs-Site iwwer d'Sexualitéit vu Fraen, déi Sex mat Fraen hunn

***www.klamydias.ch***
Site iwwer sexuell Gesondheet vu Fraen, déi Sex mat Fraen hunn mat Sensibiliséierungsmaterial an zweesproocheg Broschüren (FR/DE oder (FR/IT), déi kënnen erofgeluede ginn

***www.lecrips.net/***
Thematesch Kaarte fir FSF iwwer sexuell iwwerdrobar Infektiounen, de Coming-out, Bezéiungen, Drogekonsum, Gewaltformen. D'Material kann erofgeluede ginn

***www.sante-plurielle.ch***
Zesummestellung vu sëlleche Ressourcen: Broschüre, Video'en, Emfroe, Rapport'en... Op FR, DE, IT, EN

***www.commentcavalesfilles.yagg.com***
Videoscampagne ronderëm Gesondheet, Sexualitéit a lesbesch Visibilitéit

***www.lesbengesundheit.de***
Zesummestellung vu Ressourcen iwwert déi generell Gesondheet vu Fraen, déi Sex hu mat Fraen

***www.sexclusivitaeten.de***
Feministeschen Info-Site iwwert d'Wuelbefannen an d'sexuell Gesondheet, iwwer feministesch a lesbesch Pornographie, Sexualerzéiung, asw.

Säiten zur allgemenger **Fraegesondheet**:
*www.frauengesundheitszentren.de*
*www.frauengesundheit.at*
*www.sante-sexuelle.ch*

**BDSM** "Bondage, discipline, dominance and submission, sadomasochism" si Praktiken, déi Dominatiounsspiller mat kloer definéierte Rollen a Coden tëscht Persounen beinhalten, déi domat averstane sinn.

**Butch/Fem** Selbstbezeechnungen, déi vu verschiddene Lesbe benotzt ginn. Si beschreiwen d'Geschlecht bzw. de Geschlechtsausdrock vun deene Lesben. D'Butch'e sinn dacks déi, déi méi "männlech" wierken. Während si sech um Spektrum vun de "female masculinities" situéieren, situéieren sech Fem'en éischter um Spektrum vun de Weiblechkeeten. Je no Kontext an/oder Militant*inne kënne Butch'en a Fem'en innerhalb vun der lesbescher Communautéit diskriminéiert ginn: Butch'e gëtt virgeworf, sech männlech a sexistesch Coden unzeeegnen; de Fem'en, weiblech Stereotypen ze reproduzéieren an domat dem männlechen Aen ze gefalen. Emgekéiert ginn Butch/Fem-Expressiounen awer och heiansdo célébréiert: d'Butch'e ginn als déi ugesinn, déi d'Bild vu Weiblechkeet an eiser sexistescher Gesellschaft hëllefen ze hannerfroen; d'Fem'en als déi, déi weiblech Identitéiten valoriséieren an enger Gesellschaft, déi dem Männleche méi Unerkennung gëtt.

**Cis** Persoune, bei deenen d'Geschlechtsidentitéit an de Geschlechtsausdrock éischter oder vollstänneg deem Geschlecht entspriechen, dat hinne bei der Gebuert zougewise gouf.
**Trans** Persoune, bei deenen d'Geschlechtsidentitéit an de Geschlechtsausdrock net (ausschliesslech) deem Geschlecht entspriechen, dat hinne bei der Gebuert zougewise gouf.

**Cis-hétéronormative Modell** Laut dëser Vue op d'Gesellschaft, entspriechen Heterosexualitéit a Cis-Geschlechtlechkeet der Norm. Dëse Modell gëtt als "natierlech" an "normal" ugesi, well en implizéiert, dass cis Männer a cis Fraen sech ergänzen, ë.a. och zu Reproduktiounszwecker. Dës Virstellung ass problematesch, well se suggéréiert, dass et just zwee Geschlechter gëtt an dës sech géigesäiteg unzéien. Sou gi vielfälteg Forme vu Geschlecht ausgeblend, souwéi och aner Forme vu sexueller a romantescher Unzéiung. Persounen, déi dësem Modell entspriechen, hunn eng privilégiéiert Positioun, well hier Sexualitéit, hiert Geschlecht, hiere Geschlechtsausdrock an hier Genitalien nie a Fro gestalt ginn.

# Glossar

**Fraen*** Am Titel vun dëser Broschür gouf "Fraen" mat engem Stäerche * geschriwwen. Dëse klenge Stäer verweist op eng Auswäitung vun der Definitioun vu "Fra". D'Symbol, dat aus der Informatik kënnt, steet fir Vielfalt a gouf ursprénglech vun trans Persoune benotzt, fir de Sënn, deen dem Präfix/der Ofkierzung "trans" zougeschriwwe gëtt, ze diversifiéieren. Am Däitsche benotzt een éischter Trans*, am Franséischen éischter trans'. De Gebrauch vum Stäerchen huet sech iwwert d'Zäit gewandelt: Am Ufank as et drëm gaang, ze weisen, dass et net nëmme cis Frae, mä och trans Frae gëtt. Verschiddener verziechten op de Stäerche, well se der Meenung sinn, dass trans Fraen och Fraen (ouni *) sinn.

**Fisting** Sexualpraktik, déi dora besteet den Anus oder d'Vagina vum*vun der Sexualpartner*in mat der Fauscht ze pénétréieren. Wéinst de Mikrofissuren, déi dobäi entstoe kënnen, ass et rootsam Gleitmëttel an Händchen ze benotze, fir sech virun Ustiechungen ze schützen.

**Fraen, déi Sex mat Fraen hunn (FSF)** D'Formulatioun "Fraen, déi Sex mat Fraen hunn" erméiglecht et, sech net just op d'(z.B. lesbesch) Identitéit vun der Persoun ze beschränken, mä sech fir dat sexuellt Verhalen an d'Attraktioun/d'Begehren ze interesséieren. Sou si bei dëser Terminologie och heterosexuell Frae matgemengt, déi heiansdo Sex mat Fraen hunn. D'Formulatioun kann och hëllefräich sinn, wann ee mat Persounen aus anere Länner ze dinn huet, déi net onbedéngt mam LGBTIQ-Vocabulaire vertraut sinn.

**Genderfluid/non-binary (fléissend/net-binär Geschlechter)** Persoune mat fléissendem/net-binärem Geschlecht erkenne sech weder an engem männlech-weibleche Geschlecht erëm, nach an der Geschlechterbinaritéit. Oder se identifizéieren sech op eng verännerbar, net-gefestegt Aart a Weis mat deem engen oder anere Geschlecht. Verschidde Persounen mat fléissendem oder net-binärem Geschlecht identifizéiere sech als trans, anerer net.

**Genderstereotypen** Ënnert engem Stereotyp versteet een e starrt Bild. Bei Stereotypen, déi un d'Geschlecht gebonne sinn, handelt es sech ëm Biller, déi Persounen op hier Genitalien reduzéieren an opgrond dovu bestëmmt Verhalensweisen a Kompetenzen zouschreiwen. Dës Stereotypen, déi d'Biologie als Vierwand huelen, sinn eng sozial Konstruktioun a schränken Liewenschoix'e vun de Leit an. Als Beispill: Frae si schlecht an der Mathé, Männer kënne sech net ëm Kanner këmmeren, "männlech" Lesben wëlle Männer sinn, Einhörner fuerze Reebéi, asw. Dobäi kënnt d'Asymmetrie tëscht dem Männlechen an dem Weiblechen: Aktivitéiten, déi Männer zougeschriwwe ginn, gi méi gewäertschätzt.

**LGBTIQ** Et gi verschidde Schreifweise vum Akronym LGBT, LGBT+, LGBT*I, LGBTIQA... Verschidde Persounen fannen dës Akronymer problematesch, well se Sexualpraktiken, Identitéiten a Kämpf, déi net vill mateneen ze dinn hu, regroupéieren. Fir eis awer ass den Akronym eng Aart a Weis, fir ze kommunizéieren a Persounen ze benennen an ze visibiliséieren, déi net der Cis- an Heteronorm entsprechen.Dat heescht net, dass mir Expert*innen an alle Beräicher sinn, mä dass mir eis solidaresch mat Persoune weisen, déi dem Spektrum vun der sexueller, kierperlecher a geschlechtlecher Vielfalt ugehéieren.

**Menstruatioun an Endométriose** Och wann et an der Medizin an an der Biologie prézis Définitiounen vun der Dauer an dem Rhythmus vun der Menstruatioun existéieren, gëtt et an der Réalitéit keen uniformen Oflaf. Verschidde Persoune kréien hier Reegel net all Mount um selwechten Dag. Dat ka vielfälteg Grënn hu wéi z.B. Stress, d'Ernährung, d'Liewensweis oder en emotionale Schock.
Bei der Endométriose dogéint handelt et sech em eng chronesch Krankheet, déi ë.a. dozou féiert, dass ee während der Reegel ganz vill Péng huet. Wend dech am Zweifelsfall un eng Vertrauenspersoun oder u medizinescht Personal. D'Endométriose ass laang Zäit wéineg erfuerscht bliwwen. Feministesch Organisatiounen hunn drop higewisen, dass de Budget fir Recherche a Behandlung vun Endométriose minimal ass, wann een d'Konsequenze bedenkt, déi dës Krankheet fir d'Gesondheet vun all Persoun huet, déi hier Reegel kritt. Wiere Männer betraff, sou verschiddenen hier Meenung, wier scho laang en Heelmëttel fonnt ginn.

# Glossar

An der Tëschenzäit organiséiere sech Eenzelpersounen an Organisatioune, fir iwwert de Sujet ze informéieren

*http://info-endometriose.fr*
*http://www.endometriose-vereinigung.de*
*http://www.eva-info.at*
*https://www.endometriosis-uk.org*
*http://www.endometriosi.it*
*http://mulherendo.pt*

**Polyamorie** Et schwätzt ee vu Polyamorie, wann eng Persoun a méi wéi eng Persoun zum selwechten Zäitpunkt verléiwt ass. Se ka mat verschiddenen oder jidderenger vun dëse Persounen sexuell Relatiounen hunn. Genau wéi oppen oder net-monogam Bezéiunge, widdersprieche polyamouréis Relatiounen der Virstellung vun der exklusiver Koppel, déi op zwou Persoune beschränkt ass. All Persoun muss fir sech selwer décidéiere, wéieng Bezéiungs-Form hier am beschte läit. Déi jeweileg Modalitéite musse mat de Partner*innen beschwat a Reegele festgeluecht ginn, déi jidderengem seng Grenzen respektéieren.

**Sexuell Minoritéiten** Domat si Persoune gemengt, déi sech selwer net mat der sexueller Norm identifizéieren an déi net déi selwecht Rechter hu wéi heterosexuell Persounen. Sexuell Minoritéite si Persounen, déi vun der Gesellschaft als ofweechend ugesinn, an dowéinst marginaliséiert ginn. Dat implizéiert eng gesellschaftlech Onsiichtbarkeet, manner Privilegien an heiansdo och d'Erliewe vu verschiddene Forme vu Gewalt.

**Strap-on** Sexspillsaach, déi um Niveau vun der Vulva gedroen gëtt a mat däer den*d'Sexualpartner*in pénétréiert gi kann.

(1) SOS homophobie, « *Enquête sur la visibilité des lesbiennes et la lesbophobie* », mars 2015.
(2) Chamberland L. & Lebreton C., « *La santé des adolescentes lesbiennes et bisexuelles : état de la recherche et critique des biais androcentristes et hétérocentristes* », Recherches féministes, vol. 23, n° 2, 2010: 91-107.
(3) Berrut S., « L*es lesbiennes en consultation gynécologique: enquête qualitative en Suisse romande* », Mémoire de Master of Advanced Studies in Public Health, Université de Genève, 2016.
(4) Genon, C., Chartrain, C. & Delebarre, C., « *Pour une promotion de la santé lesbienne : état des lieux des recherches, enjeux et propositions* », Genre, sexualité & société [En ligne], n°1 | Printemps 2009.
(5) Témoignages Luxembourg 2016-2017
(6) Devillard, S. « *Les femmes ayant des relations sexuelles avec des femmes face au VIH et aux IST* », CRIPS Rhône-Alpes, Université Toulouse le Mirail, 2011 : 23.
(7) Chetcuti, N., « *Se dire lesbienne. Vie de couple, sexualité, représentation de soi* », Payot, 2010.
(8) Rich A., « *La contrainte à l'hétérosexualité et l'existence lesbienne* », Nouvelles Questions Féministes, No. 1, La Contrainte à l'hétérosexualité (Mars 1981), pp. 15-43.
(9) Bajos, N. & Beltzer, N., « *Les sexualités homo-bisexuelles : d'une acceptation de principe aux vulnérabilités sociales et préventives* », dans Bajos, N. & Bozon, M. (sous la dir.), Enquête sur la sexualité en France, Paris, La Découverte, 2008 : 243-271.
(10) AIDS Committee of Toronto (ACT), « *Le sexe au féminin – un guide de santé sexuelle pour les femmes queer* », 2012. Version aussi disponible en anglais.

# NACH FROEN? WËLLS DE DECH AUSTAUSCHEN?

Eis Equippe empfänkt dech op lëtzebuergesch, franséisch, däitsch an englesch am Centre d'Information Gay et Lesbien.

*info@cigale.lu*
00352 26 19 00 18

3, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg

*www.cigale.lu*
(allgemeng Informatiounen)

*www.gay.lu*
(Kalenner vun all eisen Aktivitéiten an Evenementer)

*Centre d'Information Gay et LEsbien*

Coordinatrice vun der Broschür:
Enrica Pianaro

Dës Broschür gouf vum Centre d'Information Gay et Lesbien (CIGALE) ausgeschafft. Se ass aus der Feststellung eraus entstanen, dass (Homo-)Sexualitéit nach ëmmer en Tabuthema ass. D'Opmierksamkeet op spezifesch Problematiken ze lenken, déi marginaliséiert Gruppe betreffen, bedeit net, hier Schwieregkeeten ze isoléieren. Villméi geet et dorëm, hier Erfahrungen ze valoriséieren, fir besser kënnen hiere Bedürfnisser entgéint ze kommen.
Een Zil vun dëser Broschür besteet doran, Persounen, déi enger sexueller oder geschlechtlecher Minoritéit ugehéiere, ze informéieren an ze sensibiliséieren. Se riicht sech awer och u Personal aus dem Fleege- an Eductatiounssecteur, dat bei hierer Aarbescht mat dësem Sujet konfrontéiert ass.

Eisen Zentrum ass vum Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région conventionnéiert. Eisen Optrag beinhalt den Acceuil an d'Animatioun, socio-familiär Berodung a socio-éducativ Formatiounen. An eiser Bibliothéik stelle mir Ressourcen zur Verfügung a bidde Berodung un zu éducativem Material iwwer sexuell Orientéierungen, Transidentitéit a Geschlecht.

Rosa Lëtzebuerg | cigale centre d'information gay et lesbien

Publizéiert ennert dem Patronage vum Gesondheetsministère:

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

© Novembre 2017. Première publication.
Version française imprimée en 500 exemplaires.
Brochure disponible en luxembourgeois (500 exemplaires).